



**Äntwert vun der Finanzministesch, Madamm Yuriko BACKES op d'parlamentaresch Fro n°7905
vum 20. Abrëll 2023 vun dem honorablen Deputéierten Här Sven CLEMENT**

Der Steierverwaltung sti verschidde Mëttel zur Dispositioun am Fall wou e Contribuabel senge steierleche Flichten net nokënnt.

Dëst sinn, ënner anerem fir d'Steierbüroen, Astreinte déi verhaange gi wann zum Beispill guer keng Steiererklärung eragereecht respektiv, enger Opfuerderung fir Dokumenter nozerechen net nogaange gëtt, oder en Opschlag fir e verspéit Erareeche vun der Steiererklärung (*supplément pour dépôt tardif*).

D'Dispositiounen vun den Astreinte ginn duerch de Paragraf 202 vun der *Abgabenordnung* (AO) determinéiert a si fir all Servicer vun der Steierverwaltung identesch applikabel. Dëse Festsetzungen ass ëmmer ee Rappel an eng Sommatioun vun enger Astreinte virausgaangen.

D'Zuel vun den Astreinte vum Steuerjoer 2018 un ass hei drënner opgelescht:

Budgetsjoer	Betrag
2018	2 228 935 €
2019	2 074 205 €
2020	2 702 242 €
2021	2 562 718 €
2022	3 318 800 €
2023	3 511 409 €

Et ass ze bemierken, datt déi genannten Zuelen verschidde Steuerjoer ëmfaassen, a sech zum gréissten Deel aus Astreinte zesummesetzen, déi wéinst dem Net-Beuechte vum Erareeche vun der Steiererklärung festgesat gi sinn.

Den Opschlag fir e verspéit Erareeche vun der Steiererklärung, ass eng aner Moosnam déi dem Steierbüro zur Verfügung steet. Dëst Mëttel ass duerch de Paragraf 168 Abschnëtt 2 vun der AO geregelt a ka bis zu 10% vun der festgesater Steuer bedroen.



De Gesamtbetrag pro Steuerjoer vun dësem Opschlag evoluéiert duerch d'Unzuel vun den immatrikuléierten a besteierten Dossiere vum betraffene Steuerjoer.

Steuerjoer	Betrag
2018	1 198 589 €
2019	902 062 €
2020	846 234 €
2021	138 353 €

Generell bleift ervirzehiewen, datt d'Festsetze vun dëse Moosnamen vum Preposé vum Steuerbüro entscheet gëtt, an dëst no détailléierter Instruktioun an Analyse vum betraffenen Dossier.

D'Astreinten, déi je no Fall verhaangen ginn, müssen natierlech dem Steuerflchtegen sengem Dossier entsprechend notamment a Konformitéit mam Paragraf 2 vum *Steuerunpassungsgesetz* («StAnpG») («Billigkeit und Zweckmässigkeit») sinn.

Sollt de Steuerflchtegen, trotz Festsetze vun enger Astreinte senger Verpflichtung fir eng Steuererklärung eranzerechen nach ëmmer net nokommen, sou setzt de Steuerbüro d'Steiercote iwwert de Wee vun enger Schätzung nom Paragraf 217 vun der AO fest. Dem Steuerflchtege stinn an esou engem Fall déi selwecht Rechtsmëttel zur Dispositioun, wéi bei enger Besteuerung, déi eng presentéiert Steuererklärung zur Grondlag huet.

Den Taux vu Postimpositionen, also vun de rektifikative Besteuerungen déi op nodréiglech Ufro vum Steuerflchtegen no enger Schätzung gemaach gi sinn, läit fir d'Steierjoren 2018 bis 2021 am Duerchschnëtt bei 4,7%. Ob dës Redressementer favorabel oder defavorabel fir de Contribuabel waren, ass duerch déi divers Grondlagen déi als Ausgangspunkt fir dës Redressementer dengen, net ze bestëmmen.

Lëtzerbuerg, den 31. Mee 2023

D'Finanzministesche

(s.) Yuriko Backes